

Grouss Geeschter a klenge Gässelen



Et geet schon u mam Breedewe. Ech hu kee Meter bei mer, mä méi wéi véier huet en der nēt. De Sigg an di éischt Lëtzebuerger hun hei vun Ufank un a lëtzebuerger Dimensioune geduecht. Mä dat mécht der Kaz kee Bockel; bas de bis duurch d'Hällepuert, da gesäis de, datt de Breedewe wiirklech auserneegeet; an datt e keng freeschlech Brake méi opweist, mä kleng propper Haisercher, an deenen et nēt méi greezt, wéi zur Peschtzäit, a wou haut e puer Kënschtler hir Konschten dreiwten.

Huelt d'Wiltheimstrooss! Se leeft déi aner Säit vum Breedewe laanscht de Musée, an ausgerechent sou eng roueg Gassel as am Gaang hiren Numm ze änneren. „Beim Wëlle Mann“ heescht et dach haut; de Wiltheim géif sech iwwer d'Weiderentwécklong vu séngem éierbaren Numm nawell woneren.

Déi Strooss huet och nach eng Bäiluecht, eng Sakgaass. Mä dat as schon zevill gesot, „d'Schéieschlach“ as einfach e Lach a jhust gutt fir ëmmer nees a Quizfroen iwwert d'Stad vu sech schwätzen ze don.

Duurch d'Wassergaass laanscht d'Ställer kommt der och nēt mat engem Auto (mä dat as bei vill méi breede Boulevards'en och de Fall). D'Waassergaass as wiirklech e Schloff, an den Numm kléngt hautjesdaags wéi gestuel: ënnen an uewen land der a Fëschmaarter Béierbutteker.

Hat ech 'lo „Schloff“ gesot? Da musst der mol probéieren duurch d'rue de la Loge ze klammen! E Vollert huet keng Méi, sech lénks a riets vun de Maueren unzepaken, an seguer engem Niichterem as et, wéi wann déi al schif Steng all Ablack getrollt kéimen.

Grouss Geeschter! Ma sécher! Et geet schon domat un, datt de Fëschmaart hannert dem Palais läit, an dat huet sech wéi e rengewieft Flom iwwer dat aalt Véirel geluegt. Hei hun nach ëmmer gescheit Käpp hiirt Bescht gin, denkt mol un de Staatsrot, ënne lénks um Wupp, do wou de Fëschmaart a Clausen erofruuscht.

Do hun s'och dem Goethe e Stee gesat, a wann s'em séng Plack well zweemol geklaut hun: hie war hei!

An 't hat em gefall. Sāi Geesch schwieft nach haut sou staark duurch eis Schoulbicher, datt ee mengt, no him wir d'Literatur vun alle gudde Geeschter verlooss gin.

*Dësen Eck as nēt grouss
an e läit hannerwands;
mä jhust hei as de Schouss
vun der Stad, an du kanns
mer et gleewen, et as och hir Séil,
déi der Däiwel nach haut gären héil.*

Hei huet de Pater Wiltheim nēt eleng fir Geschicht gesuert, och d'Engelsmécherin vun der Hällepuert hat hir Geschichten an as – weinstens bei Kréimesch Pir – an d'Literatur agaang.

Hat dës Fra dem Haus „beim Engel“ hiren Numm gin? Ech huelen éischer un, datt do mol en zolitt Fëschmaarter Framësch eng Wiirtschaft hat, an datt déi Fëschmaarter „bei d'Engel“ e Patt pouze gounge. Haut géif et Anjhel heeschen odder Angèle, gelldiirt!

An de siwenzeger Joren as schon e grouse Geesch an deem Haus gegeeschtert an huet bannendran a ronderëm gebaut a geplantz, datt d'Zeidonge richteg frou waren, datt et hie gouf. Mä lo sin déi „romanesch“

Zoustänn eriwwer, an 't gin an deem Haus echt Konschte bedriwwen: eng politesch Partei fënnt do hire Lär, de Quartier as be-„geeschtert“, déi Geeschter haten nach gefeelt.

Mä hannert deem Haus steet nach en anert. Et huet éiweg zoue Klapplueden, wat kee Wonner as, well se sin nëmmen op d'Fassad gemoolt. Wat a wéi geet et hannert deene Lueden, déi éiweg zou sin, zou? Sëtz hannert der Fassad de richtige grouse Geesch vun der Stad?

All freides kommen se hei zesummen, am Schnëppel an am gesteifte Kolli. An hirer Mëtt soll e groussen Draach sëtzen, an d'Leit son, der Däiwel, dee schon de Sigg geholl huet, géing och si huelen.

Josy Braun

